N°4475
Entrée le 16.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, an den Här Innenminister weider ze leeden.

D'Iwwerschwemmunge vum Juli 2021 hunn a ville Regiounen am Land grouss Schied verursaacht an däitlech gewisen, wéi wichteg et ass, op Héichwaasser- an Onwierder richteg virbereet ze sinn. Zum Joresdag vun den Iwwerschwemmunge wollt ech wësse, wéi sech d'Lag zënterhier entwéckelt huet, wéi eng Moossnamen ëmgesat goufen a wat nach geplangt ass, fir d'Widderstandsfäegkeet vum Land géint zukünfteg Héichwaasser ze stäerken.

An deem Kontext géing ech den Häre Ministere follgend Froe stellen:

- Wéi eng Léiere goufen direkt no 2021 gezunn, a wéi goufen dës an de leschte Jore berécksiichtegt?
- Ass d'Etüd iwwert d'Uelzecht an d'Sauer déi Enn 2024 lancéiert gouf mëttlerweil ofgeschloss?
  - Wa jo, wat ass d'Resultat vun där Etüd ?
- A senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2025 huet d'Regierung uginn datt eng Etüd iwwert d'Optimiséierung vum Héichwaasserrisikomanagement zu Iechternach géing lafen. Ass déi Etüde mëttlerweil ofgeschloss?
  - Wa jo, wat ass d'Resultat vun där Etüd ?
- Goufen et Demande fir Aide fir Schied déi deemools entstane sinn, déi net konnten accordéiert ginn ?
  - Wa jo, ëm wéi vill Fäll handelt et sech hei ? A wat sinn déi jeeweileg Begrënnunge fir de Refus ?
- Wéi eng Aarbechten, besonnesch an d'Preventioun konnte realiséiert ginn ?
  - Goufe weider Retentiounsflächen, déi esou néideg sinn, geschaf ?
  - Wou sinn d'Aarbechten a punkto Renaturéierung vun de Waasserleef drun ?
  - Konnten d'Verspriechen d'Flossbett vun der Sauer méi déif, respektiv breet auszegruewe bezéiungsweis de Waasserofloss ze verbesseren, fir de Risiko vun Héichwaasser ze reduzéieren, erfëllt ginn ?
- Ginn et Schied déi deemools entstane sinn déi nach musse reparéiert ginn? Wa jo, ëm wat fir Aarbechten handelt et sech hei?

#ZESUMMEN


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

- Wéi vill Gemengen hunn zanterhier en Héichwaasserplang entwéckelt? Berécksiichtegen dës Pläng och d'Auswierkunge vun hire Moossnamen op jeeweileg Nopeschgemengen?
- Wat ass den aktuellste Stand vun den Aarbechte vun den themateschen Aarbechtsgruppen déi sech am Kader vum Renaturéierungsdësch gebilt hunn? Wéi eng konkret Moossnamen oder Pläng goufen zënterhier ausgeschafft?
- Wéi wëll d'Regierung weider Privatleit a Betriber laanscht d'Flëss a Risikogebitter besser schützen an op eventuell Héichwaasser preparéieren?
- Wéi héich fält de finale Käschtepunkt fir Reparatiounen vum Héichwaasser 2021 aus? Wéi héich läit de Käschtepunkt fir Preventiounsaarbechten?

Mat déiwem Respekt



Ben Streff

Deputéierten



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

**lsap.lu**